



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1236 vun den honorabelen Deputéierte Claire Delcourt a Paulette Lenert

Ad 1)

Laut Artikel 33 vun der Verfassung ass den Zougang zu der Educatioun an der Schoul fir déi Jonk, déi der Schoulpflicht ënnerleien, garantéiert. Entsprechend dem Artikel 6 vum Gesetz vum 20. Juli 2023 iwwer d'Schoulpflicht ass et un den Elteren oder Tuteure sécherzestellen, datt d'Kand dës Pflicht erfëllt.

Den Artikel 7, Paragraph 4 präziséiert datt, wann e Mannerjäregen d'Conditionen erfëllt fir an den Enseignement secondaire ze goen, et un den Elteren oder Tuteuren ass, ze garantéieren, dass hien d'Schoulpflicht erfëllt, no den Dispositiounen vum Artikel 5:

1. D'Schoulpflicht ass erfëllt, wann de Mannerjäregen ugemellt ass an de Coursen, Aktivitéiten a Stagë reegelméisseg nokënnt, déi am Kader vum Schoulprogramm ugebuede ginn:
 - an enger ëffentlecher Schoulinstitution, déi dem Lëtzebuerger Staat ënnersteet;
 - an enger Institution, déi ënnert d'Konventioun ënnert de Statut vun den Europäesche Schoule vum 21. Juni 1994 fält;
 - an enger privater Schoul, déi vum Lëtzebuerger Staat unerkannt ass; oder
 - an enger Schoul am Ausland.
2. D'Schoulpflicht kann och duerch Unterrecht doheem erfëllt ginn, ënnert de legale Bedéngungen.
3. Schüler mat speziellen edukative Besoinen erfëllen d'Schoulpflicht duerch eng ugepassten Educatioun, déi vun der nationaler Inklusiounskommissioun oder enger anerer Inklusiounskommissioun bestëmmt gëtt.
4. Schüler, déi méi wéi 15 Joer al sinn an eng Léier maachen, erfëllen d'Schoulpflicht duerch d'Participatioun un de beruffleche Coursen, déi deels beim Patron, deels an der Schoul stattfannen.

Schlussendlech fält et, laut Artikel 9 vum selwechte Gesetz, an d'Kompetenz vum Bildungsminister, ze iwwerwaachen an ze garantéieren, datt déi verantwortlech Autoritéiten d'Schoulpflicht respektéieren. Nodeems déi vun den honorabelen Deputéierten erwäante Fäll de 24. September bekannt goufen, konnten de 25. September Léisunge fonnt ginn, laut Artikel 33 vun der Lëtzebuerger Verfaassung, an d'Schüler goufen ageschriwwen.

Ad 2)

Laut Artikel 9 vum Gesetz vum 20. Juli 2023 iwwer d'Schoulpflicht ënnerläit d'Iwwerwaachung vum Respekt vun der Schoulpflicht dem Bildungsminister. Dëst geschitt andeems verschidden Informatiounsquelle gekräizt ginn, an dat op d'mannst eemol de Mount.

Wat d'Kapazitéiten ubelaangt, sou huet d'Regierung dës an de leschte Joren erhéicht, andeems si d'Zuel vun den Accueil- an Integratiounsklasse Joer fir Joer substanzieel erhéicht huet. Des Weidere

sinn dräi nei international Schoule geplangt, genau esou wei d'Reamenagementer vun neien oder existenten Infrastrukturen, Lycéeën a Schoulen. Ausserdeem besteet d'Méiglechkeet, dréngend Besoinen duerch provisoresh Strukturen ze decken, ouni op d'Déngschter vun der Administratioun vun den öffentleche Gebaier oder öffentlech Ausschreiwungen zeréckgräifen ze mussen.

Wat déi éischt Beschoulung ubelaangt, esou fällt dës ënner d'Kompetenz vum Service de l'intégration et de l'accueil scolaires (SIA), deen e wéchentlechen Austausch mam ONA huet, fir den Informatiouns- a Kommunikatiounsaustausch mat den Träger ze garantéieren. Des Weideren ass de SIA agebonnen an d'Formatioun, déi ugebuede gëtt fir d'Personal vun den Träger. Hei ginn déi ganz Prozeduren an Demarchen, déi ënnerholl musse ginn, erkläert.

Zur Informatioun fannt Dir hei drënner d'Zuel vun den Integratiouns-, Accueils- an Insertiounsklassen, déi national ugebuede gi sinn an de leschte Joren, respektiv fir dës Rentrée.

	18/19	19/20	20/21	21/22	22/23	23/24	24/25
Classes d'intégration (EF)	15	18	21	22	20		
Classes d'accueil (ES)	53	43	59	71	78	100	81
Classes d'insertion		68	74	80	80	90	93

Ad 3)

Well de Statut net fir d'Aschoulung berücksichtegt gëtt, ass et net méiglech, esou Zuelen ze liwweren.

Ad 4)

Genausou wéi bei den Zuelen, déi virdu gefrot goufen, kënnen och d'Zuelen iwwert d'Dauer vun der Sclaritéit vun de mannrjäregen Demandeure vun internationalem Schutz net geliwwert ginn.

Allerdéngs muss een hei déi nei europäesch Direktiv (UE) 2024/1346 ervirhiewen, déi vun enger maximaler Waardezäit vun zwee Méint schwätzt, ab dem Moment wou eng Demande de protection internationale erstallt gouf. An deenen allermeeschte Fäll vergeet de Gros vun der Zäit bis déi Concernéiert de Wee bei déi zoustänneg staatlech Institutioune fonnt hunn. Wéi déi uewe genannte Fäll weisen, kënnen dee Moment innerhalb vu kierzester Zäit Léisunge fonnt ginn.

Lëtzebuerg, den 9. Oktober 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH